*D'Arbechter vum letzeburger Land hun an de vergangene Krichsjor de Beweis erbruecht, datt och si de Wert vun engem freien, demokrateschen Letzeburg erkannt hun. D'letzeburger Arbechter hun, an et soll zo' hirer E'er matt Stolz gesot gin, Trei bekannt. De Krich wor fir si de beschte Pro'fstén.* *D'Unio'n No 5*

# D'Unio'n

D'Unio'n erschengt all Woch ām Verlag v. d. Unio'n Abonnement: 15 Fr. pro Quartal — Enzelnummer: 1.50 Fr. — Geschäfts- an amtlech Annoncen: 2 Fr. pro Millimeterzeil. All aner Annoncen 1.50 Fr. — Administratio'n, Expeditio'n, Redaktio'n: Eck Philipp- an Enneschtgâss. — Telefon 5832/508 — Postscheck Nr. 6491 — Verantwortlech ass den Aktio'nscomité

**Jor 1 · No 6 · 4. November 1944**

LETZEBURG DE LETZEBURGER (DEVIS V. D. UNION) * ORGAN VUN DER UNIO'N * ECH DENGEN DER HEMECHT (JANG DE BLANNEN)

# Gefall fir d'Land an de Weltfridden



## In Memoriam

Wién am Hirscht sei Wé fe'ert hannert de Kle'schter erlanscht iwer d'Siweburen, — de gro'sse Boulevard rondöm d'Stad, — dé ka ni lâng genug de' Sche'nhéten a sech ophuelen, de' him do gebuede sin.

Eng Ro' an e Fridd din sech engem op we' én se soss vill me' weid muss siche goen.

Goldegiél Farwen zaubert d'Natur Iech an de Bösch matt leschter Krâft ir se sech zum lânge Wanterschlof nidderlét.

D'Bliéder falen an danzen an der Sonn nach eng Ke'er engem sche'ne Vergoen an neien Operstoen zo'.

Et ass ömmer nach Krich, an all Dag stin der an der Zeidong: Ze fre' gefall fir sei Land.

Ech komme lânscht eng Heip, et könnt eng Mamm eraus, de' d'Tre'ne net me' mêschter get — si krut grad d'Noricht, datt och hire Jong irgendwo' dobausse schle'ft, — si hat nömmen dén. —

Wat sollt én er son — do ass all Tro'schtwurd emsoss! — „Kreischt net, mir gin se all nés hémhuelen..."

D'Liéwe gét a könnt, et ass nés Hirscht, mir stin op de Griéwer matt Chrysanthéme sche' geröscht, vun dénen, de' vrun a matt ons woren. Vun der Kapell hir könnt me' no de Klank vum Miserere mei Deus . . . we' e lèschte Ruff aus dem Önnergrond: „Hiéf Erbarmen, Här, matt dèr zu Do'd gepengegter Mönschhét!" —

Nach ass et ower net un der Zeit, . . . dén onmönschlechste vun alle Kricher ass na net um Enn . . . et wöllt ömmer nach ké Fridde gin.

Vun onsem Kirfeg dohém gi mer a Gedanken op de gro'sse Weltkirfeg a soe stomm e Gro'ss a Requiem un all Gefalener, un o n s Gefalener vun Afrika erop durch Frankreich, Italien, de Balkan, Griecheland, Polen an d'Krim, bis an de' weît Steppen vum immens gro'sse Russland. Mir denken un ons Verschléft an zu Do'd Gemartert an de Prisongen vun engem Nopeschland, dém mer nömme Gudds gedon. Mir biéden a schwiren: Mir huelen Iech hém.

A weider ze'en d'Gedanken vun engem klengen Holzkreiz zum aneren a froen: „Wat wor dei leschte Wonsch? Wat soll ech soen dohém?" — An we' aus enger anerer Welt he'ert én eng Stömm: „Sche' wor et net, ma et ass veriwer. Mir sin an e Krich gezun, dén net gudd an onsen net wor, well mir hun ons verdroe matt allen Noper. Mir hu gewisen, dass och e klengt Vollek streide ka fir Recht a Mönschlechkét an domatt de Gro'ssen de Wé berét huet zum „e'weg gro'sse Völkerbond". Dofir sit éneg dohém a surgt, datt mer net emsoss hu misse stirwen."

An iwert dem klengen Holzkreiz an der Friémd gét lues an zô d'Sonn e fre'e Muergen op, d'Freihétssonn, d'Friddenssonn. Aus hire Griéwer stin op all de' Jongen aus dém winzege Friddensland, ons Jongen, an ze'en hém, eng kleng an ower gro'ss Arme' vu Letzeburg, de' der Mönschhét de Fridden erem gin huet.

H.

## Allerse'len

*Le'f Mamm! mein Hirz dat huet dech net vergiess.*
*Dei Bild stét ömmer nach vru mengem Bleck,*
*We's du an dengem ro'de Stull gesiess*
*Fu mir ze drémen a vu mengem Gleck.*
*We' Feier ko'm e Sonnestral durch d'Fönster,*
*Deng treiblo Aen hun em entge'nt gelîcht,*
*Eng Klack huet lues gepenkt am ale Menster,*
*An Himmelsglanz go'ng iwer dei Gesîcht.*

*Du has de Ro'sekranz an denger Hand*
*An hues fir all deng Kanner warm gebiéd*
*Ech sto'ng bei dir, mei Bleck go'ng weit an d'Land,*
*Fu Glanz a Gre'sst hun ech der kéng geriéd.*
*Deng treiblo Aen si net vu mir gewach*
*Et lo'g we' Mattléd dran a fro'e Stolz.*
*Du hues matt kengem Wurt mech önnerbrach,*
*Mé lâng gekösst dei klengt schwarzt Kreiz vun Holz.*

*Le'f Mamm! Ech hun deng Sprôch du net verstan.*
*Wat d'Liéwen ass, go'f ech ere'scht gewur.*
*Ech hu mech schwe'er daks erdurchgehan,*
*Nodém ech dech fir ömmer hat verlur.*
*Gléf mir! mein Hèrz dat huet dech net vergiéss.*
*We's du huet ké fir mech a Surg gebângt.*
*De' aner hu mer d'Le'ft all knapp gemiess,*
*Du häss mer dWelt gin, wann ech se verlângt.*

*Le'f Mamm! Mein Hèrz dat huet dech net vergiéss . . .*

S.

## Eng gesond Preispolitik

An der Theorie sin ons Preisser 60 Prozent an d'Lûcht gangen, an der Praxis ower ons Gehälter a Le'n nach net bei der Opbesserong vu 60 Prozent ukom. De' öffentlech Instanzen an och d'Privatbetrieben sin iweldrun, well si net genug nei Geldscheiner hun, fir d'Arbechter an d'Beamten ze bezuelen. Et fonktionne'ert alles iwert de Wé vum Virschoss. Doniewt ower musse mir konstate'eren, datt d'Geschäftsleit an och d'Produzenten d'Preiserhe'gong schârf durchgefe'ert hun, an op eng Art a Weis, datt ê vu 60 Prozent net me' schwätze kann. Durchschnettlech sin d'Liewensonkeschten töscht 100 an 125% gestîgen, also ongefe'er 60 Prozent me' he'ch we' d'Preîsser an England, wa mir d'Geldopwertong vun onsem Frang matt akalkule'eren. Mir hu so'zesoen dat selwegt Preisbild we' an Belgien.

Durch dé Virsprong, dén Preissteigerong op d'Le'nerhe'gong huet, bestêt d'Gefôr, datt mir ons Wirtschaftsliewen an ongesond Bunnen eralêden. Zwar bestêt nach keng Gefôr, datt dât sech mat gro'sse nationalökonomeschen Konsequenzen auswirkt, well durfir ass d'Wirtschaft nach zevill brôchgeluegt, d'Revenüen hu nach keng Me'glechkét place'ert ze gin, an fir d'Spûren ass d'Geldsituatio'n de Leit dach net secher genug. Eso' hätt sech eng Preisopbesserong och a gewösse Grenzen entschöllege geloss, wann de Ruck net eso' o'ni all Proportio'n no uewen kom wär. An engem gewösse Sönn kann ên d'Preiserhe'gong eso' benotzen fir de' iwerflösseg Gelder, de' elo nach o'ni produktive Conterpoids an d'Wirtschaft eralâfen op de' Platzen ze lenken, de' nach an e'schter Stell eng produktiv Me'glechkét dofir fannen. D'Iwersîcht iwer d'Geldzirkulatio'n get vill me' deitlech, wann den ênzelnen d'Scheiner net dohêm am Schâf le'st, wé wann d'Geld a we'negen Hänn zesummekent, de' dann och doriwer dispose'ere mussen. Dât Geld lêft spe'der dann an engem gewessen Môss an d'öffentlech Caisen an délweis och um Obligatio'nswê an d'Stâtswirtschaft. Et entlâscht de Geldmârt an et verhönnert, dass d'Preîsser fir d'Konsumartikelen könstlech an d'Lûcht gedriwe gin.

Domat ass et ower nach net gerechtfertegt, d'Preîsser an d'Lûcht klammen ze lossen, wann d'Kâfkrâft dûrch knapp Geldquanten op e Mindestmoss reduze'ert ass. Mir wössen, datt an der Volkswirtschaft de Konsum virun der Produktio'n range'ert. Get de' Rangfolleg net agehâlen, dann ass iwerhâpt kén Iwerbleck iwer d'Ausmôsse vum Bedarf me'glech. De Moment elo ass dat ganz ongefe'erlech, well kê Geld a keng Wûren op dem reguläre Mârkt ze fanne sin. Mé, wât mir haut ufenken, domat musse mir spe'der och nach rechnen. Wa mir haut hég Preîsser furderen, de' engem iwerwâchten an dirige'erte Wûrenömlâf Rechnong droen, da schâfe mir domat Preissverhältnisser, de' spe'der net o'ni Kritik a Schwieregkéten ömzeännere sin. Wa mir haut de Prix de revient vun der landwirtschaftlecher Produktio'n scho no dem neie Geldstatus festle'en, da musse mir och scho gleichzeitig an der Lâg sin, töscht de Le'n an de Preîsser eng Relatio'n ze schâfen, datt och nach eppes fir e normale Konsum an der Friddenszeit iwregbleiwt. Mir wären en aremt Vollek, wa mir nom Krich onst ganzt Akommes fir Chigeriszalot a Gromperen a schliesslech och nach e pûr Tramsbilléen verwende missten. Mir wöllen och eröm eppes vun dêne gudde Sâchen hun, de' an der gro'sser, reicher Welt fir ons allegûre wuessen. Et ass jo wo'er, datt Wûren, de' knapp sin, och me' deier gin. Mir können dât haut op all Artikelen uwenden, nömme net op d'Agrarprodukten. Et kent en Dâg, wo' beim Import vun âneren exoteschen Liewensmöttelen de' Nofrô no égene landwirtschaftlechen Artiklen e'schter erof gêt. Da musse mir d'Landwirtschaft matt feste Preîsser önnerstötzen, mé alles a normale Bunnen. Et sin der, dé mengen d'Landwirtschaft kent o'ni Subventio'nen an der Zukunft auskommen. Mir glêwen dat net, an elo nach manner, wo' Holland matt an d'Zollunio'n erakent, en typescht Agrarland, dat vill me' konkurrenzfäheg wé ons Landwirtschaft ass. Onser Landwirtschaft get am beschten dodurch gedengt, datt mir gesond, normal Preîsser fixe'eren, de' de Konsum vu Möllech a Botter, dem haptsächleche Veredlongsprodukt bei der gro'sser Mass erhe'gen, an doniewt eso' weit et fir den Export vun den Agrarprodukter ne'deg sollt sin, de Baueren Subwentio'nen aus dem Budget bezuelen. Dat ass e gerechte Wê, well et net dê klenge Konsument ass, dên alles droe muss, an de Bauer schliesslech ower nach rentabel schaffe kann.

Durfir och musse mir virsêchteg sin, wa mir haut fest Preîsser dekréte'eren. Mir därfe net zevill firzegreifen a keng Relatio'ne schâfen, dé sech önner normalen Ömstänn net oprecht hâlen, et sief, mir wöllten en âremt Vollek bleiwen, wo' net den Haptwert op de' produktiv Seit vun der Wirtschaft geluegt ge'ng. Et ass elo och gewôt op de prix de revient vu bestömmten Artikelen hinzeweisen, wo' den Index ausschließlech op d'Liewensmöttelpreîsser opgebaut ass. Dat bescht ass, mir setzen fir all Artikelen, dé mir am égene Land hun tragbar Hechstpreîsser fest, de' önner strenge Strofen agehâle musse gin. D'Markpreîsser vun all ênzel Artikelen mussen vun der Preîsstell kontrolle'ert an dorop, no der Festsetzong vun den Akommen de' nei Frangepreîsser ugeschloe gin. Besser nach et get gehamstert, we' datt gesetzlech Hamsterpreîsser zo'geloss sin. An da musse mir et machen we' d'Amerikaner, ömmer besurgt sin, d'Gehälter e pur Prozent me' hech ze fixe'eren we' d'Le'n. Da kann de Konsum d'Produktio'n fortschrettlech beeinflussen. Da bestét d'Me'glechkét, nei Industrien als Grondlâg vun engem gre'ssere nationale Reichtom an d'Liewen ze ruffen.

Servus.

**Denkt un d'LETZEBURGER an der Friémt!**

